PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

QP N°2098

REÇU
Par Christine Wirtgen , 10:28, 28/04/2020

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/04/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

D'Bundesamt für Sicherheit und Informationstechnik an Däitschland (BSI) warnt an engem Communiqué, dass d'iOS-Mail-App vun enger Secherheetslück betraff ass. De BSI schreift:

> "*Das BSI schätzt diese Schwachstellen als besonders kritisch ein. Sie ermöglicht es den Angreifern, weiteTeileder Mail-Kommunikation auf denbetroffenenGeräten zu manipulieren. Es steht zudem aktuell kein Patch zur Verfügung. Damit sind TausendeiPhones und iPads von Privatpersonen, Unternehmen und Behörden akut gefährdet. Wir sind im Austausch mit Apple und haben das Unternehmen aufgefordert, hier schnellstmöglich eine Lösung zur Sicherheit ihrer Produktezu schaffen.*"

De BSI recommandéiert doropshin d'Läschen an d'Desynchronisatioun vun der iOS-Mail-App, fir Geforen aus dem Wee ze goen.

Wéi d'Regierung mir an enger parlamentarescher Fro vun 2019 geäntwert hat, lafe ronn 31% vun de mobile Geräter beim Staat op iOS–Systemer. Grad elo wärend der COVID-19-Pandemie schaffe vill Beamten vun doheem aus iwwert den Internet, wat de Risiko fir den Datendéifstall erhéijt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sinn der Regierung an de leschte Woche Fäll vun Datendéifstall baséierend op der viru genannter Secherheetslück bekannt ginn?
2. Hunn déi zoustänneg Ministeren d'Beamten, déi beim Staat schaffen, op d'Secherheetslück opmierksam gemaach, fir Geforen aus dem Wee ze goen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

REÇU
Par Alff Christian , 13:35, 28/05/2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 28 mai 2020

Concerne : Question parlementaire n° 2098 du 28 avril 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen – Faille de sécurité dans l'application Mail d'iOS

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous transmettre ma réponse à la question parlementaire n°2098 du 28 avril 2020 de Monsieur le Député Marc Goergen.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Marc Hansen
Ministre délégué à la Digitalisation

Äntwert vum Här Delegéierte Minister fir Digitaliséierung a Minister fir d'Fonction publique op déi parlamentaresch Ufro n°2098 vum Här Deputéierten Marc GOERGEN iwwer eng Sécherheetslück an der iOS-Mail-App.

De Centre des technologies de l'information de l'État (CTIE) steet an enkem Kontakt mam Haut commissariat à la protection nationale (HCPN) a mam CERT gouvernemental (GovCERT) fir de Suivi, d'Analyse an Risikobewäertung vun eventuelle Sécherheetslücken an informatesche Systemer déi vum CTIE genotzt an zur Verfügung gestallt ginn ze maachen.
An dësem konkrete Fall vun der Sécherheetslück an der iOS-Mail-App, sinn dem CTIE keng Fäll vun Datendéifstall bekannt. Servicer vum CTIE sinn och net vun Enn-Notzer kontaktéiert ginn déi ee Verdacht op een Datendéifstall bemierkt hätten.
De CTIE huet de 27 Abrëll 2020 déi Léit, déi iOS-Mail-App notze fir op de Mail System vum CTIE zouzegräifen op dës Sécherheetslück opmierksam gemaach an déi néideg Recommandatioune ginn.